N°7394
Entrée le 19.12.2022
Déclarée recevable et urgence reconnue
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 19.12.2022

**Här Fernand Etgen**
**President vun der Chamber**

Lëtzebuerg, den 19. Dezember 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Dréngleechkeetsfro un den Här Ausseminister weiderzeleeden.

Am Peru koum et no der Ofsetzung vum Präsident Pedro Castillo zu deels schwéieren Onrouen. Och touristesch Attraktioune wéi beispillsweis Machu Picchu an d'Stad Cusco sinn net vun de Protester verschount bliwwen. Eisen Informatiounen no sinn och Lëtzebuerger, respektiv Residente vun den Onroue betraff a kënnen d'Regioun net verloossen. An deem Kontext wollt ech folgend Dréngleechkeetsfro un den Här Ausseminister stellen:

- Wéi vill Lëtzebuerger, respektiv Residente si vun den Onrouen am Peru betraff a kënnen d'Land dofir net verloossen?
- Wat mécht den Ausseministère fir fir hier Sécherheet ze suergen?
- Konnten all Lëtzebuerger respektiv Residenten, déi sech am Peru ophalen, mëttlerweil kontaktéiert ginn?
- Wat mécht den Ausseministère fir déi betraffe Leit nees op Lëtzebuerg ze bréngen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar.

Deputéierten

CSV-Fraktioun | 13, rue du Rost | L-2447 Luxembourg | Tel. 47 10 55 – 1 | csv@chd.lu

N° 7394
Entrée le 20.12.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes

**Äntwert vum Aussen- an Europaminister Jean Asselborn op d'parlamentaresch Drénglechkeetsfro Nummer 7394, vum 19. Dezember 2022, vum honorabelen Deputéierten Här Laurant Mosar**

1.

Den Aussen- an Europaministere weess vu 6 Lëtzebuerger Bescheed déi aktuell am Peru sinn oder am Peru wunnen.

2.

Mir si mat hinnen a Kontakt a ginn hinnen Rotschléi sou wéi déi aner EU Länner dat och mat hire Matbierger maachen.

3.

D'Assistance consulaire am Aussen- an Europaministere ass mat all Lëtzebuerger a Kontakt vun deem mir wëssen dass si op der Plaz sinn.

4.

Momentan bleiwen mir mat de Leit a Kontakt, ginn hinnen Rotschléi an mussen ofwaarden wei d'Situatioun am Peru evoluéiert.

Lëtzebuerg, den 20. Dezember 2022
(s.) Jean Asselborn
Aussen- an Europaminister